



N° 4960
Reçue le 15.09.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 15.09.2021

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15/09/2021

Här President,

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech
lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

De 6ten August hat ech eng parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsministesch zur Long Covid Etüd geriicht (n°4807). Laut der Gesondheetsministesch mussen déi Betreffen sech fir de Pilot-Projet vum CHL, Rehazenter, Domaine thermal a CHNP bei hirem Hausdokter mellen. Mir war awer zougedroe ginn, dass verschidde Persounen ouni virausgoend Eegeninitiativ invitéiert goufen, obwuel si sech virdrun also net selwer bei de betroune Servicer gemellt haten.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Hunn all d'Persounen sech beim Pilot-Projet, deem op 6 Méint ugesat ass, bei engem vun den involvéierte Servicer misste mellen oder sinn och Persounen kontaktéiert ginn?
2. Falls Persounen fir deem fir 6 Méint ugesate Pilot-Projet kontaktéiert goufen, kann d'Ministesch de genauen Oflaf, vum éischte Kontakt bis zur Participatioun, erklären? Ass d'Ministesch der Meenung, dass esou een *Consementent éclairé* garantéiert ass?
3. Kann d'Ministesch Detailer vum CoValux-Projet ginn? Wouran ënnerscheeden sech d'CoValux-Studie an de Pilot-Projet?
4. An der Äntwert vun der Ministesch heescht et:

*"D'CoValux-Etude ass awer zu dësem Zäitpunkt nach net entaméiert ginn
wéll den Avis vum Comité d'éthique et de recherche nach net virloit sou
datt bis elo och nach keng Daten ervirgehewen an partagéiert ginn sinn."*

Wéi eng Date sollen hei ervirgehewen a partagéiert ginn, wann den Avis vum Ethikrot bis do ass?

5. Goufe scho Persounen, déi fir d'CoValux-Etüd a Fro kommen, kontaktéiert oder ass et hei un de Patiente selwer, fir sech ze mellen?



www.piraten.lu

6. Falls scho Persoune fir deen fir 3 Joer ugesaate CoValux-Projet kontaktéiert goufen, kann d'Ministesch de genauen Oflaf, vum éischte Kontakt bis zur Participatioun, erklären?

Mat déiwem Respekt,



CLEMENT Sven

Député



Gemeinsam Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten an dem Här Claude Meisch, Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, op d'parlamentaresch Fro Nr. 4690 vum 20. Juli 2021 vum honorabelen Deputéierten Fred Keup betreffend dem Héichwaasserrisiko vun der neier Sportshal zu Iechternach.

1. Fro: Gëtt de Projet op Basis vun deene rezenten Erfahrungen nei evaluéiert?

De Projet ass konform zu der Geneemegung vum Waasserwirtschaftsamt vum 26. August 2020 geplangt, déi op engem honnertjäregen Héichwaasser baséiert ; deementspreechend hält d'Hal ouni Schied engem Waasserstand vun 162,25 m iwwert Normalnull stand (ongeféier 6 m iwwert dem normalen Waasserstand vun der Sauer respektiv bis 70 cm iwwert dem Foussbuedemniveau vun der Hal).

No den rezenten Iwwerschwemmungen gëtt de Projet an deem Sënn ugepasst, dass den peripheren Héichwaasserschutz nach eng Kéier um 30 cm no uewen erhéicht gëtt, an d'Gebai duerch zousätzlecht Gewiicht am Buedemberäich géint opschwemmen geséichert gëtt. Dëst ass nach méiglech, well de Bau eréischt an der Phase vum Gros-oeuvre ass.

2. Fro: Hunn d'Bauaarbechte fir déi nei Sportshal vum Iechternacher Lycée schonnugefaangen? Wa jo, wéi eng Schied sinn entstanen a wéi laang verzögert sech de Bau vis-à-vis vum ursprénglech geplangten Eröffnungsdatum?

D'Bauaarbechte hunn leschten Hierscht ugefaangen an sinn momentan am Réibau.

Et sinn keng direkt Schied entstanen, an d'Botzaarbechten vun e puer Deeg um Site hunn weider keen Afloss op den geplangten Eröffnungsdatum.

3. Fro: Och d'Sportshal vun der Iechternacher Gemeng, déi am Kader vum Sportsunterricht bis lo vum Lycée matbenotzt gouf, gouf duerch d'Iwwerschwemmung staark beschiedegt. Des Weidere stoungen och déibaussenzeg Sportsinfrastrukture vun der Schoul, notament de Fussballterrain an d'Käfer, ënner Waasser. Kann den Här Schoulministerelaboréiere, wéi déi rezent Wiederkatastroph sech no der Rentrée insgesamt op de Sportsunterricht vum Iechternacher Lycée wäert auswirken?

Et lafen intensiv Gespréicher tëscht der Stad Iechternach, allen Iechternacher Schoulen an den staatlechen Instanzen, wat de Sportsunterricht fir déi nächst Schouljoere betrëfft. D'Schwämm an déi grouss Sportshal wäerte warscheinlech abandonnéiert ginn. De Schwammunterricht wäert deemno eng Zäit duerch dréchene Sportsunterricht ersat ginn. Et gëllt elo, gewësse Perioden ze iwwerbrécken. Esou ass ënner anerem geplangt, datt d'Stad Iechternach eng provisoresch Sportshal opriicht, déi am Laf vum nächste Joer soll a Betrib geholl kënne ginn.

Souwuel déi zwee bestehend Turnsäll ewéi och déi baussenzeg Sportinfrastrukturen vum lechternacher Lycée kënnen weiderhin benotzt ginn. Et ginn nach zousätzlech Sportequipementer kaf, déi temporairement a bestoende Raimlechkeeten vum Lycée kënnen fir de Sportunterrecht genotzt ginn. Domat ass deemno de Sportunterrecht vum lechternacher Lycée assuréiert. De Bau vun der neier Hal fir de Lycée ass an den Délaien a wäert Ufank 2023 fäerdeg ginn. Da kënnen déi ugeschafte Equipementer och duer transferéiert ginn.